# Rapport d'activité 2024
# Association Luxembourg Alzheimer

| | |
|---|---|
| Virwuert | 5 |
| Verwaltungsrot (CAD) | 6 |
| Exekutivbüro (BEX) | 7 |
| Identitéitskaart 2024 | 8 |
| Meet & Greet bei der ala | 9 |
| Ambulant Strukturen a Servicer | 10 |
| Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp” | 12 |
| Ënnerstëtzungsservicer | 14 |
| Personalwiesen | 16 |
| Formatiounsservice | 17 |
| Sensibiliséierungsaarbecht | 18 |
| Qualitéitsdéngscht | 20 |
| Ethikkommitee | 21 |
| Highlights 2024 | 22 |

# VIRWUERT

Léif Membere, Collaborateuren, Partner an Ënnerstëtzer,

Mir si frou Iech de Rapport d'activité vum Joer 2024 vun der Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer ze presentéieren. Dëst Joer war markéiert duerch wesentlech Fortschrëtter an eiser Missioun fir d'Liewensqualitéit vun de Mënsche mat Demenz an hire Familljen ze verbesseren.

### Reorganisatioun vun der Direktioun vun der ala

Ufank 2024 ass de fréieren Directoire, zesummegesat aus der Madame Lydie Diederich an dem Här Denis Mancini, vun der Madame Isabel Fonseca completéiert ginn, déi hire Posten als Direktesch fir Administratioun a Finanzen den 1. Januar ugetrueden ass. Dës nei Konstellatioun ass prett fir d'Erausfuerderunge vun der Zukunft ze meeschteren.
D'Direktioun vun der ala setzt sech elo follgendermoossen zesummen:

• Madame Lydie Diederich, Generaldirektesch
• Här Denis Mancini, Operationellen Direkter
• Madame Isabel Fonseca, Direktesch fir Administratioun a Finanzen

### Upassung un dat neit Gesetz fir d'Qualitéit vun Déngschtleeschtunge fir eeler Mënschen

Eng Erausfuerderung war 2024 dat neit Gesetz fir d'Qualitéit vun Déngschtleeschtunge fir eeler Mënschen, dat den 1. Mäerz a Kraaft getrueden ass. Dëst reguléiert d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit a gëllt fir Ariichtungen, Fleegedéngschter an Dagesfoyeren. Dësen ugepasste gesetzleche Kader setzt d'Critèrë fir d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit an huet entspriechend Kontrollmechanisme fir sécherzestellen, dass d'Träger déi virgeschriwwen Normen ëmsetzen. Et war e groussen administrativen an zäitlechen Opwand fir allen Oplage vum Gesetz gerecht ze ginn.

Mir wëllen eis Dankbarkeet all de Membere vum Verwaltungsrot ausdrécke fir hir hëllefräich Aarbecht d'ganzt Joer iwwer. Hiert Engagement war essentiel fir d'Ëmsetze vun eisen Initiativen an de Succès vun eiser Associatioun.

Mir wëllen och e grousse Merci riichten un d'Politik, d'privat Entreprisen an d'Associatiounen, déi eis dat ganzt Joer ënnerstëtzt hunn. Hir Generositéit a Partnerschaft sinn entscheedend fir d'Ëmsetze vun eiser Missioun.

Schlussendlech wëlle mir all de Famille Merci soen, déi eis hir Léifsten uvertrauen an natierlech eise Collaborateure fir hiren alldeeglechen Asaz. Dëse mécht eng wesentlech Differenz am Liewe vun de betraffene Persounen an hirem Entourage. 2024 war e Joer vu wichtege Realisatioune fir d'ala. Mir bleiwen entschloss, weider un eisem Zil mat Leidenschaft, Mënschlechkeet an Engagement ze schaffen.

Fir d'Direktioun

Isabel Fonseca

Denis Mancini
Direktioun ala

Lydie Diederich

Fir de Verwaltungsrot

Marc Schaefer
President ala

# Verwaltungsrot (CAD)

No der Generalversammlung vum 12. Juni 2024 setzt sech de „Conseil d'administration" (CAD) wéi follgend zesummen:

| | |
|---|---|
| President: | Här Marc Schaefer |
| Vizepresidentin: | Madame Dr. Carine Federspiel |
| Generalsekretär: | Här René Friederici |
| Tresorier: | Här Jules Geisen |
| | |
| Memberen: | Här Daniel Baulisch (bis November 2024) |
| | Madame Chantal De Mesmaeker |
| | Madame Mireille Elsen |
| | Här Robert Héros |
| | Här Dr. Jean Jacquemart |
| | Här Jean-Paul Schaaf |
| | Madame Josée Thill |
| | Madame Gaby Weiler |
| | |
| Éierepresidenten: | Här Paul Diederich † |
| | Här Jeannot Krecké |

2024 ass de Verwaltungsrot 4 Mol zesummekomm.



Vu lénks no riets: Här Jules Geisen, Här René Friederici, Här Robert Héros, Madame Gaby Weiler, Här Daniel Baulisch, Här Marc Schaefer, Här Dr. Jean Jacquemart, Madame Dr. Carine Federspiel, Här Jean-Paul Schaaf, Madame Mireille Elsen. Feelen op der Foto: Madame Chantal De Mesmaeker, Madame Josée Thill

# Exekutivbüro (BEX)

De BEX ass zoustänneg fir d'Ëmsetzen an d'Iwwerwaache vu verschiddenen institutionelle Projeten. De BEX vertrëtt d'ala och no baussen a gëtt beoptraagt mat bestëmmten Aufgaben fir d'Vir- an d'Nobereedung vun de Sëtzunge vum Verwaltungsrot.

**Kompositioun vum BEX**

Här Marc Schaefer, President vun der ala
Madame Dr. Carine Federspiel, Vizepresidentin vun der ala
Här René Friederici, Generalsekretär vun der ala
Här Jules Geisen, Tresorier vun der ala
Här Robert Héros, Member vum Verwaltungsrot vun der ala
Madame Lydie Diederich, Member vun der Direktioun vun der ala
Madame Isabel Fonseca, Member vun der Direktioun vun der ala
Här Denis Mancini, Member vun der Direktioun vun der ala

**Haaptaufgabe vum BEX am Joer 2024**

- Finanzkontroll
- Personal- a Féierungsmanagement
- Strategesch Decisioune betreffend Projeten

2024 gouf de BEX 4 Mol zu Bartreng an der Administratioun zesummegeruff.



Vu lénks no riets: Här René Friederici, Madame Lydie Diederich, Här Marc Schaefer, Här Denis Mancini, Madame Dr. Carine Federspiel, Här Robert Héros, Här Jules Geisen, Madame Isabel Fonseca

# Identitéitskaart 2024

## Aktivitéiten

- Begleedungs- a Berodungsdéngscht
- ala plus, Hëllefs- a Fleegedéngscht doheem
  - Am Norden: Ierpeldeng un der Sauer
  - Am Zentrum: Bouneweg
  - Am Süden: Éilereng
  - Am Osten: Munneref
- 6 Dagesfoyeren (84 Plazen)
  - Am Norden: Dol
  - Am Zentrum: Dummeldeng a Bouneweg
  - Am Süden: Esch-Uelzecht, Rëmeleng an Diddeleng
- 1 Wunn- a Fleegeheem zu Ierpeldeng-Sauer mat 153 Better

## Personal

- 386 Persounen

## Ëmsaz

- 33,32 Milliounen Euro, déi sech wéi follgend opdeelen:
  - Foyeren 17,65 %
  - Wunn- a Fleegeheem 69,48 %
  - ala plus 10,66 %
  - Aner 2,21 %
- 72,71 % vum Ëmsaz komme vun de Prestatioune vun der Assurance dépendance
- 20,22 % vum Accueil gérontologique (Deel, dee vun eise Clientë bezuelt gëtt)
- 6,32 % vun der Assurance maladie
- 0,75 % aner

## Chargen:

D'Masse salariale representéiert 69,97 % vun eisen totale Chargen (ausserhalb vun de finanzielle Chargen, vun den exceptionelle Chargen an den Amortissementer)

**Prêten:** 7,46 Milliounen Euro

**Reserven:** 10,55 Milliounen Euro

# Meet & Greet bei der ala

De Meet & Greet gëtt e puer Mol am Joer vun der Direktioun fir déi nei Mataarbechter organiséiert. An dësem Echange geet et drëms, dass d'Participantë sech ënnertenee kenne léieren a vun der Direktioun d'Geschicht an d'Wäerter vun der ala virgestallt kréien. D'Mataarbechter kréien dann den Optrag sech mat de Wäerter an enger kreativer Sessioun auserneenzesetzen. Et ass ëmmer nees schéin ze gesinn op wéi eng villfälteg an eenzegaarteg Manéier d'Mataarbechter dës Wäerter duerstellen. De Meet & Greet ass eng flott Aart a Weis seng éischt Schrëtter bei der ala ze maachen an enger geselleger an oppener Atmosphär.








# Ambulant Strukturen a Servicer

D'ambulant Strukture vun der ala sinn e wichtegt Element an der Begleedung vun de Betraffenen an hire Familljememberen. Zu den ambulante Strukture gehéieren déi 6 Dagesfoyere vun der ala (Bouneweg, Diddeleng, Dol, Dummeldeng, Esch-Uelzecht, Rëmeleng), ala plus, den Hëllefs- a Fleegedéngscht doheem (Bouneweg, Éilereng, Ierpeldeng, Munneref) an d'Berodungsulaafstell am Norden zu Wëntger.

## PRÄSENZEN DAGESFOYEREN 2024





Total Präsenzen: 16.844
2024 hunn d'Dagesfoyere vun der ala insgesamt 213 Mënsche mat enger Demenz an hiert soziaalt Ëmfeld begleet. Dovu waren 116 Fraen a 97 Männer.

## PROGRESSIOUN VUN ALA PLUS

Clientë vun ala plus:

2020: 105 Leit
2021: 112 Leit
2022: 125 Leit
2023: 97 Leit
2024: 108 Leit




Moyenne vun de Clienten am Joer

## ZUELEN AMBULANT SERVICER 2024

**Den Duerchschnëttsalter louch bei 79 Joer.**

**Déi jéngst Persoun hat 55 Joer an déi eelst 98 Joer.**

**Den Altersduerchschnëtt bei de Frae louch bei 80 Joer.**

**Den Altersduerchschnëtt bei de Männer louch bei 77,5 Joer.**










# Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp”


D’Wunn- a Fleegeheem zu Ierpeldeng un der Sauer ass agedeelt an 13 Wunnberäicher an deenen Eenzelzëmmeren (an een Duebelzëmmer) fir 9, 11 oder 12 Persounen zur Verfügung stinn. Insgesamt kënnen déi 153 Bewunner an enger familiärer Atmosphär wunnen.

**DUERCHSCHNËTTSALTER**
2024 louch den Duerchschnëttsalter vun de Bewunner bei 78,25 Joer. Den Duerchschnëttsalter vun de Fraen huet 80,75 Joer bedroen a bei de Männer louch e bei 73,83 Joer. Dee jéngste Bewunner war e Mann vu 44 Joer an deen eelste Bewunner eng Fra vun 98 Joer.

**FINANZÉIERUNG**
Am Joer 2024 huet den Hotelleriepräis 3.480 €/Mount bedroen.

**ADMISSIOUNEN**
2024 huet d’Wunn- a Fleegeheem 59 nei Bewunner opgeholl, dovunner 37 Fraen an 22 Männer.

**BELEEUNGSGRAD**
Am Joer 2024 louch déi monatlech Beleeung vun den Zëmmere bei 93,17 %.

**WAARDELËSCHT**
Am Joer 2024 waren duerchschnëttlech 168 Persounen op der Waardelëscht agedroen.
Insgesamt goufen 124 nei Demanden agereecht, dorënner 74 Fraen a 50 Männer.

**HEEMROT**
2024 gouf den Heemrot nei gegrënnt. E besteet am Moment aus 8 Familljememberen a 5 Personalmemberen. Den Heemrot ass e Gremium, deen d’Interesse vum Bewunner a senger Famill vis-a-vis vun der ala vertrëtt.



## OUVERTURE VUM NEIE RESTAURANT „BEIM TROTERBATTI“

Den 3. Oktober huet d’Ouverture vum neie Restaurant am Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng un der Sauer stattfonnt. Säin Numm? „Beim Troterbatti“! Et ass de Gestionnaire vun der Brasserie du Vieux Moulin „Am Keller“ zu Buerschent, dee sech bei eis installéiert huet.





## PROJET WILDNISPÄDAGOGIK

2024 ass de Projet Wildnispädagogik am Wunn- a Fleegeheem ageféiert ginn. Am Bezuch op Mënsche mat Demenz soll d’Wildnispädagogik haaptsächlech d’Sënner schäerfen andeems en intensive Kontakt mat der Natur hiergestallt gëtt.





## AQUAGYMNASTIK FIR EIS BEWUNNER

Eis Bewunner hunn zanter 2024 d’Méiglechkeet, un engem innovative Projet deelzehuelen: Aquagymnastik. Mënsche mat enger Demenz profitéiere besonnesch vun Aktivitéiten, déi de Kierper an och de Geescht uspriechen. D’Waasser bitt eng entspaant Atmosphär, déi och bei enger ënnerlecher Onrou hëllefe kann. Dës Aktivitéit gëtt a Collaboratioun mat Aqua Nat’Our ugebueden.





# Ënnerstëtzungsservicer

D'Ënnerstëtzungsservicer déi sech souwuel un déi betraffe Mënsche wéi och un hiert soziaalt Ëmfeld riichte sinn e wichtege Bausteen am Konzept vun der ala. Dës Servicer ginn zum Deel mat enger finanzieller Ënnerstëtzung vum Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil ugebueden.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

## HELPLINE 24/24

Oft fält et de Betraffenen an hire Familljememberen net liicht Berodung an Ënnerstëtzung ze froen. D'Helpline vun der ala kënne si spontan notzen, wat hëlleft dës Barrière ze iwwerwannen. Eisen Noutfalltelefon ass all Dag, 24 Stonnen op 24, erreechbar. An Noutfallsituatioune ginn eis Mataarbechter kompetent a praktesch Rotschléi an offréieren emotionalen a psychologesche Bäistand.

## COURS FIR BETRAFFE FAMILLJEN

An dësem Cours kënnen d'Familljememberen oder d'Leit aus dem sozialen Ëmfeld Informatioune kréien iwwer d'Demenz. D'Demenzforme gi beschriwwen an den Ëmgang mat der erkrankter Persoun gëtt thematiséiert. En direkten Austausch an d'Kommunikatioun mat anere betraffene Persounen hëlleft den Alldag ze meeschteren.

## ËNNERSTËTZTE SELBSTHËLLEFGRUPP FIR MËNSCHE MAT ENGER DEMENZ AM UFANKSSTADIUM

Mënsche mat enger Demenz am Ufanksstadium treffen sech eemol am Mount an engem geschützte Kader. Hei kënne si mat Gläichbetraffenen hir Problematiken a Bewältegungsméiglechkeeten diskutéieren a gläichzäiteg iwwer hir Ängschten, hir Trauer an hiert Gefill vun Hëlleflosegkeet schwätzen. Eent vun den Haaptziler ass et d'Autonomie an d'Selbstbestëmmung vun de Mënsche mat Demenz ze stäerken.

## FAMILLJEKREES

De Familljekrees ass e Gespréichsgrupp fir d'Familljememberen an d'soziaalt Ëmfeld vu Mënsche mat Demenz. Wat proposéiert de Familljekrees? En Austausch mat Mënschen an enger änlecher Situatioun, nei Weeër am Ëmgang mat de Betraffenen an nei Méiglechkeete vun der Bewältegung.

## EDUKATION DEMENZ® & EDUKATION PFLEGEHEIM®

Esou heescht de Schoulungsprogramm fir Familljemembere vu Mënsche mat Demenz, dee vun der Mme Prof. Dr. Sabine Engel 2006 entwéckelt gouf. Et ass eng an Däitschland wëssenschaftlech evaluéiert Schoulung fir Familljememberen.



| | |
|---|---|
| **Helpline:** | **633** Uriff am Ganzen |
| **Cours fir betraffe Familljen:** | **61** Participanten |
| **Selbsthëllefgrupp fir Betraffener:** | **6** Leit iwwer d'Joer |
| **EduKation Demenz®:** | **7** Participanten |
| **EduKation Pflegeheim®:** | **7** Leit déi deelgeholl hunn |
| **Familljekrees:** | **105** Participanten |

# Personalwiesen


## MATAARBECHTER

Eis Mataarbechter identifizéieren sech mat eiser Betribsphilosophie. Et si qualifizéiert a motivéiert Partner, déi fest an d'Organisatioun agebonne sinn an déi hir Aarbecht kompetent ausféieren. D'Zesummenaarbecht an engem multiprofessionellen Team erlaabt eise Mataarbechter sech ënnereneen auszetauschen, Problemer ze beschwätzen an nei Iddien ze entwéckelen.


2024 hate mir an der Moyenne 291,48 ETP  (Equivalent Temps Plein).

Op den 31. Dezember 2024 hunn 386 Mataarbechter bei der ala geschafft: 297 Fraen an 89 Männer an et waren 13 Nationalitéite vertrueden. Vun den 386 Kontrakter waren 190 Vollzäit-Kontrakter an 196 Deelzäit-Kontrakter.

## UNZUEL FRAEN A MÄNNER




## UNZUEL MATAARBECHTER PRO NATIONALITÉIT




## STAGIAIREN AN APPRENTIEN

Der ala ass et wichteg déi verschidde Schoulen an der Ausbildung ze ënnerstëtzen. Nieft den Interventioune vun eise Mataarbechter an de Schoule fir Formatiounen a Sensibiliséierung iwwert d'Aarbecht mat Mënsche mat enger Demenz, huet d'ala och 65 Stagiairen a 6 Apprentien am Laf vum Joer 2024 encadréiert.

Des Weideren huet d'ala 4 Jonker am Kader vum Service Volontaire (SNJ) begleet an 2 Persounen encadréiert, déi sech an enger „Mesure d'activation" am Kader vum REVIS befannen.

# Formatiounsservice

Am Joer 2024 hate mir 1084 Aschreiwungen an eise verschiddene Formatiounen. Vun am Ganze 7286,75 Stonne Formatioun, waren et 45 extern (bei anere Prestatairen) an 144 intern Formatiounen. Mir hale mëttlerweil Formatiounen op 3 verschiddene Sitten. Nieft dem Wunn- a Fleegeheem zu Ierpeldeng, och zu Dummeldeng an zu Diddeleng.

65 Mol ass de Service Formatioun 2024 bei extern Prestatairë gaangen, esou z. B. bei de CGDIS, bei d'Police oder och aner Träger. Och aus dem Handicap-Beräich kréie mir ëmmer méi Ufroe fir Formatiounen iwwer Demenz. Wëll och si ginn ëmmer méi mam Thema Demenz konfrontéiert.


Duerch dat neit Gesetz fir d'Qualitéit vun Déngschtleeschtunge fir eeler Mënschen, wat virschreift, dass 40 % vum Personal muss eng psychogeriatresch Formatioun vu mindestens 40 Stonne maachen, stoung dës Formation 2024 besonnesch am Vierdergrond. Dës Formatioun ass a 5 Modullen opgedeelt. Mir hunn 2024 am Ganze 27 Modullen intern a 24 Modulle fir extern Träger gehalen.

Fir d'Integrativ Validatioun nom Nicole Richard®, e wichtegt Element aus eiser Begleedungsphilophie, war onse Formateur Alain Tapp am Ganze ronn 54 Deeg ënnerwee.

Och 2025 wäerte mir nees nei Weeër goen. Esou wäerte mir am Hierscht eng 1. Kéier „Laachyoga fir a mat Mënsche mat enger Demenz“ ubidden.







# Sensibiliséierungsaarbecht

D’Sensibiliséierungsaarbecht zielt zu de Prioritéite vun der ala. Wann och vill Fortschrëtter déi lescht 30 Joer gemaach gi sinn, d’Demenz ass ëmmer nach en Tabuthema. Dofir ass och eent vun den Ziler vun der ala, d’Ëffentlechkeet iwwer d’Demenz-Thematik opzeklären.

## SOZIAL MEDIEN, INTERNET AN ALA-ZEITUNG

D’Sensibiliséierung vun der ala geet och iwwer d’sozial Medien (Facebook, Instagram a Linked-in) an iwwer den Internet-Site vun der ala (www.ala.lu) wou d’Leit sech iwwer d'Demenz an d’Begleedungsservicer vun der ala kënnen informéieren. Zu de Publikatioune gehéiert och d’ala-Zeitung, déi 4 Mol d’Joer un d’Membere vun der ala, un ëffentlech Institutiounen, Dokteren, Apdikten, etc. verschéckt gëtt.

## SENSIBILISÉIERUNGSWOCHE VUN DER STAD LËTZEBUERG

Vum 29. Abrëll bis de 17. Mee huet am Kader vun de Sensibiliséierungswoche vun der Stad Lëtzebuerg eng Ausstellung am Theater an der Stad stattfonnt. D’Leit konnten sech hei iwwer verschidden Associatiounen informéieren, déi am Beräich vun der Integratioun an de spezifesche Bedierfnisser aktiv sinn. D’ala hat niewent Informatiounsmaterial och Biller vum Konschtatelier vun der ala ausgestallt.









## INFO-OWENDER, SENIORSFOIREN A GESONDHEETSDEEG

Reegelméisseg organiséiert d’ala an de Gemengen uechtert d’Land Info-Owender wou d’Leit net nëmmen alles iwwer d’Krankheet an den Ëmgang mat der Diagnos Demenz gewuer ginn, mee och iwwer d’Servicer vun der ala. Och bei Seniorsfoiren a Gesondheetsdeeg ass d’ala present mat engem Infostand.

3. Mäerz: Stand am Kader vum integrative Concert zu Zolwer
12. September: Matinée Santé „Gesond Diddeleng”
18. September: Informatiounsdag am CHdN
28. September: Gesondheetsdag Béiweng
12. Oktober: Foire Seniors Bartreng
16. Oktober: Info-Owend Dol
26. Oktober: Foire du 3e âge Rodange



## MEMORY WALK 2024 - DÉMENCE : UNE PENSÉE POUR CEUX QUI OUBLIENT

2024 huet eisen traditionelle Memory Walk erëm op der Place Clairefontaine stattfonnt. D'Leit konnte sech op den Infostänn iwwer Alzheimer an déi aner Demenzformen informéieren, eppes Klenges iessen, e Patt huelen an e flotte musikalesche Moment beim Concert vun Jukebox an der Musek vu Les Brasseurs verbréngen. Och e Concert vum MIL-Chouer, en inklusive Chouer vu Leit mat an ouni Demenz, war um Programm.

D'Thema vum Memory Walk 2024 war « Démence : une pensée pour ceux qui oublient ». D'Gespréicher gi méi schwéier, d'Wierder feelen an d'Erënnerunge verschwannen … Demenz ass eng Krankheet déi d'Perséinlechkeet vun de betraffene Persoune verännert. Mir mussen eng Gesellschaft opbauen, an där Leit mat Demenz net marginaliséiert ginn, mee mat abegraff a geschätzt ginn. Eis Ënnerstëtzung, eis Zäit an eis Léift fir déi, déi vergiessen ass net nëmmen eng Flicht, mee och en Akt vun déiwer Mënschlechkeet. Fir eis Solidaritéit mat de Mënsche mat Demenz ze weisen, hate mir och e Sticker mat enger Pensée gemaach.

Fir hir Solidaritéit mat de Mënsche mat Demenz ze weisen, konnten d'Leit de Memory Walk matgoen. Dës Kéier ass et vun der Place Clairefontaine bis op d'Place Guillaume II gaang, wou d'Participanten erklärt kruten, dass dës Plaz och „Knuedler" genannt gëtt. Duerno ass et laanscht de Palais an d'Chamber gaang wou d'Leit Explikatiounen iwwer d'Gebaier kritt hunn.










# Qualitéitsdéngscht



Mat dem neien Organigramm, deen den 1. Januar 2024 a Kraaft getrueden ass, ass och en neie Service an d'Liewe geruff ginn: de Service Développement organisationnel et Assurance Qualité, kuerz SDQ. De Service Qualitéit ass elo hei integréiert. Dëse Service ass direkt der Generaldirektesch ënnerstallt an huet seng administrativ Basis zu Bartreng am Atrium. Mam Chantal Lenertz a mam Mireille Flick hu mir elo 2 Persounen an dësem Beräich schaffen, deenen hir Schwéierpunkte bei der Entwécklung, Begleedung an Evaluatioun vun Aarbechtsprozesser zur Qualitéitsverbesserung a ganz verschiddenen Themeberäicher leien.

2024 war niewent der Grënnung vum neie Service awer och soss e Joer mat vill Ëmschwong. Esou ass zum Beispill och intern de Qualitéitssystem dee mir künfteg notzen, fir d'Aarbecht innerhalb vun der ala besser ze evaluéieren an ze optimiséieren, komplett iwwerschafft ginn. Dëse System nennt sech Q-ala an ass speziell un d'Besoine vun der Organisatioun ugepasst ginn. De Start vun der Ëmsetzung vum Q-ala ass fir 2025 geplangt. A Qualitéitszirklen mat Mataarbechter aus alle Beräicher vun der ala gi verschidden Themeberäicher wärend 3 Joer evaluéiert.

Zudeem huet de Service SDQ, an enker Zesummenaarbecht mat villen anere Servicer vun der ala, 2024 ugefaangen un engem grousse Projet ze schaffen. D'ala kritt nämlech en neien informatesche Patientendossier. Dësen nennt sech UpCare a wäert am Joer 2025 an alle Strukture vun der ala agefouert ginn. Heifir ass vill Viraarbecht geleescht ginn. Eng Partie Beräicher am Dossier si spezifesch fir d'ala entwéckelt ginn. Fir dësen Adaptatiounsprozess hunn eng Rei Aarbechtsgruppe stattfonnt an deem dës Beräicher detailléiert ausgeschafft goufen. Mir sinn iwwerzeegt, dass den neien digitalen Dossier d'administrativ Aarbecht fir d'Mataarbechter um Terrain erliichtert an zu enger verbesserter Qualitéit an der Betreiung bäidroe wäert.

De Gesetzestext vum 23. August 2023, deen d'Qualitéit vun den Déngschtleeschtunge fir eeler Mënsche reegelt, huet am Joer 2024 dozou gefouert, dass mer eng Rei Prozeduren innerhalb vun der ala ugepasst oder nei ausgeschafft hunn. Dës Upassunge sinn essentiel, fir d'Servicer vun der ala weider ze entwéckelen an d'Konformitéit mat de gesetzleche Bestëmmungen ze garantéieren.

2024 hu mer dann och nees an eisem 2-Jores-Rhythmus eng Zefriddenheetsbefroung beim sozialen Ëmfeld vun de Persounen déi mer betreien duerchgefouert. D'Zil war et erauszefanne wéi zefridden si mat eise Servicer an eiser Aarbecht sinn. Insgesamt hunn 110 Persounen un dëser Befroung deelgeholl a mir konnten e ganz positive Feedback notéieren. Nieft dem ville Luef an de positive Réckmeldungen hu mir och konstruktiv Verbesserungsvirschléi kritt. D'Direktioun an déi eenzel betraffe Responsabel vun de Servicer hunn sech dës Ureegungen zu Häerz geholl a schaffen aktiv un hirer Ëmsetzung, fir och weiderhin eng héich Qualitéit an der Betreiung ze garantéieren.

Op der Foto:
Lénks: Mireille Flick - Beoptraagt Qualitéitssécherung
Rechts: Chantal Lenertz - Beoptraagt Organisatiounsentwécklung

# Ethikkommitee

## Rapport vun de Sëtzungen am Joer 2024

Am Joer 2024, wéi och schonn 2023, waren d'Sëtzunge per Videokonferenz besonnesch praktesch. Den Ethikkommitee huet sech sechs Mol per Videokonferenz gesinn, fir verschidden Themen ze diskutéieren an un aktuelle Projeten ze schaffen. Ufank dës Joers huet och en Austausch tëschent dem Kommitee an der Direktioun iwwer d'Zukunft vum Kommitee am Kader vum neie Gesetz fir d'Qualitéit vun Déngschtleeschtunge fir eeler Mënsche stattfonnt.

## Kompositioun vum Ethikkommitee

Am Laf vun Joer sinn et verschidde Changementer ginn wat d'Membre vum Ethikkommitee ugeet. An dësem Tableau fannt Dir d'Memberen an hir Fonctioun.

| Virnumm an Numm | Responsabilitéit | Fonctioun |
|---|---|---|
| Christian Nosbüsch | President | Responsabel Wunnberäich (ala) Infirmier |
| Félicie Kirsch | Vizepresidentin | Coordinatrice Encadrement (ala) Educatrice |
| Dr. Alexandra Von Habsburg | Member | Dokter |
| Pascal Probst | Member | Jurist |
| Christine Dahm-Mathonet | Member | Direktiounsbeoptraagt Info-Zenter Demenz |
| Nicole Weis | Member | Direktioun Omega 90 |
| Cerasela Laptes | Member | Responsabel Wunnberäich (ala) Infirmière |
| Jael Tavares | Member | Aide-soignante |
| Jean Georges | Member | Direkter Alzheimer Europe |
| Sabrina Stefanetti | Member | Responsabel Foyer (ala) Infirmière |

## Statuten

De Kommitee huet a senger neier Form seng Statuten iwwerschafft a rechtzäiteg bis den 1. Mäerz 2024 eragereecht.

## Ausbildung

Am Laf vum Joer huet de Christian Nosbüsch, President vum Ethikkommitee, sech fir eng Weiderbildung ugemellt fir ethesche Beroder vum Niveau K1 am Gesondheetssecteur ze ginn. D'Zertifizéierung vun dëser Ausbildung gouf vun der AEM (Akademie für Ethik in der Medizin) erdeelt.

## Artikelen an der Press

Am Joer 2024 huet den Ethikkommitee 5 Artikele fir d'ala-Zeitung verfaasst.

- Presentatioun vum neien Ethikkommitee
- Selbstbestëmmung vu Mënsche mat Demenz an enger chronescher psychescher Erkrankung
- Ethesch Berodung am Gesondheetswiesen
- Léift an Demenz: en erneiert Engagement
- Dat Wesentlecht ass d'Struktur: Modeller fir ethesch Fallbespriechungen

## Behandlung vun Ufroen

Am Joer 2024 goufen insgesamt fënnef Ufroe beim Ethikkommitee agereecht. All Ufroe sinn innerhalb vun e puer Deeg beaarbecht ginn. Doriwwer eraus goufen dräi Analyse vun ethesche Fäll gefféiert.

# Highlights 2024



31. Januar - Neijoerschpatt bei der ala




6. Februar - Scheckiwwerreechung vun der ala fir de LCSB



13. Mäerz - Reunioun vum Comité stratégique vun der ala




8.-10. Abrëll - Treffen vun den däitschsproochegen Alzheimer- an Demenz-Organisatiounen zu Liechtenstein




23. Abrëll - Echange tëschent de Responsabel an der Direktioun an der Administratioun zu Bartreng



30. Juni - Den Här Max Hahn, Familljeminister, an der Roll vum Stagiaire fir een Dag an eisem Wunnheem




30. Juni - Personalfeier




19. September - Participatioun vun der ala beim BusinessRun




21. September - Sticker fir de Memory Walk
« Démence : une pensée pour ceux qui oublient »



21. September - Memory Walk op der Place Clairefontaine



16.-18. Oktober - Alzheimer Europe Conference Genf




11. Dezember - Meet & Greet bei der ala

## SERVICER

- Begleedung a Berodung
- Ethikkommitee
- Selbsthëllefgruppe fir betraffe Persounen
- Coursë fir Familljememberen
- Weiderbildung fir Professioneller
- Helpline (24 Stonnen/24): 26 432 432

## STRUKTURE VUN DER ALA



FOYER ESPÉRANCE

51, rue Zénon Bernard
L-4031 Esch-Uelzecht

Tel. 26 007-380



FOYER
DOMINIQUE MARTH

45, rue Nicolas Hein
L-1721 Dummeldeng

Tel. 26 007-340



FOYER
MINETTSHEEM

6, rue de la Fontaine
L-3726 Rëmeleng

Tel. 26 007-400



FOYER GËNZEGOLD

1, Daehlerbaach
L-9644 Dol

Tel. 26 007-320



FOYER
VILLA REEBOU

104, rue de l'Hôpital
L-3488 Diddeleng

Tel. 26 007-360



FOYER BONNEVOIE

145, route de Thionville
L-2611 Bouneweg

Tel. 26 007-300



WUNN- A FLEEGEHEEM
„BEIM GOLDKNAPP"

8, Gruefwee
L-9147 Ierpeldeng/Sauer

Tel. 26 007-500



ala plus
HËLLEFS- A FLEEGE-
DÉNGSCHT DOHEEM

145, route de Thionville
L-2611 Bouneweg

Tel. 26 007-1

**T. 26 007-1 | www.alzheimer.lu | info@alzheimer.lu**